n° 3543

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 16:00, 29/01/2021

den 29/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

2018 gouf festgehalen, dass um Parking Aloyse Meyer soll ee Gebai fir d'Police- a Rettungsdéngschter vun Esch, Schëffleng a Monnerech opgeriicht ginn. Dëst sollt 2023/2024 ferdech gestallt ginn. Bis elo gouf awer net mat engem Bau ugefaangen.

Bei der Presentatioun vum neien Deel vun der Tramsstreck vum Mobilitéitsminister gouf elo bekannt, dass dëse Parking, am Kader vun den Aarbechten um Tram gebraucht gëtt. Laut engem Artikel am Wort vum 28.01.2021, deelt de Bâtiments publics mat,
„Auf diesem Gelände, über das in Zukunft auch die Trambahn fahren wird, sind die eventuellen Platzverhältnisse doch nicht optimal, sodass zusätzlich noch nach einem alternativen Standort gesucht wird für einen dieser Dienste."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gouf d'Decisioun geholl, de Parking Aloyse Meyer fir d'Tramsstreck ze notzen?
   - War dës Decisioun mat de lokale Vertrieder an de Kommissariater vun Esch, Schëffleng a Monnerech ofgesprach? Goufen si consultéiert?
   - Wéini gouf dës Decisioun getraff?

2. Wann d'Tramsstreck elo wéi vum Minister ugekënnegt duerch de Parking Aloyse Meyer gebaut gëtt, wouhi gëtt dann dat geplangte Police- a Rettungsdénscht-Gebai verluecht?

3. Wann een néie Standuert fir dëst Gebai muss gesicht ginn, schéngt den Zäitplang vun 2023/2024 net méi realistesch. D'Gebai war awer schonn 2018 als néideg ugesi ginn.

   - Wou sollen déi betraffe Police a Rettungseenheete bis zum Bau vun engem néie Gebai ënnerbruecht ginn?
   - A wéi engem Zoustand befannen sech déi momentan genotzte Gebailechkeeten? Entspriechen ze nach den haitegen Ufuerderungen?
   - Kann de Minister garantéieren, dass d'Policebeamten an engem gudde Kader hier

Aarbecht am aktuelle Kommissariat kënnen duerchféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3543 du 29.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Nouvel immeuble pour le Corps grand-ducal d'incendie et de secours et la Police grand-ducale d'Esch-sur-Alzette, Mondercange et Schifflange

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés